ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 31/01/2022

Rapport vun der Feld- an Bëschwee Kommissioun

Sëtzung vum 25 November 2021

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥7)	Net present	Observateuren a Experten
Serge ERPELDING (President)	Georges CAMPILL (entschëllegt)	
Jean HENSEL	Joe HEINZ (entschëllegt)	
Joël HERREN	Marc HOFFMANN (net entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Carlos MOREIRA CARDOSO (entschëllegt)	
Luc LESCH	Henri NOESEN (entschëllegt)	
Gilles LOSCH		
Daniel RIEDEL		
Arlette SCHARTZ		
Emile SPLICKS		
Charel WESTER (net méi Awunner)		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

- Begréissung a Präsenzlëscht

1. Remarquen zum leschte Rapport
2. Éischten Relevé iwwer den Zoustand vun den Gemengeweeër

- Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 20. Oktober 2021 gouf an der Form ugeholl.

De Gilles huet awer ergänzt an erkläert dat an de leschten Joren de Gemengerot e puer Mol iwwert Kleisschen, Strooss vun Huelmes an de Märjendall, debattéiert huet. Verschidden Initiativen goufen ergraff wéi z.B. d' Ausschaffen vun Devis(en) an den Austausch mat engem Bureau d' Etude. Am grousse Ganzen geet et ëm Stabiliséierung vun der Strooss géint asacken an Ofsécherung vun den Fielshäng wéinst der Äerdrutsch Gefor. Ausserdeem ass eng Waasserleitung an de Märjendall am Gespréich an et gëtt driwwer nogeduecht op de Wee

Helperknapp, 31/01/2022

zukünfteg just fir d' Vëloen oder fir e Mëschverkeier an enger Richtung ze benotzten ass. De Budget fir dëst alles ze realiséieren schéngt iwwer 2,8 Mio ze léien.

Wat de Wee vun der Rue des Champs op Scheedel ubelaangt, corrigéiert de Gilles dat dëse Projet net fale gelooss gouf. An der aktueller Situatioun handelt et sech éischter ëm Proprietéits-Gespréicher fir weider ze kommen. No der Aussoe vum Emile sinn d' Proprietären vun de betraffene Felder awer ni kontaktéiert ginn.

Avis: D' Kommissioun ënnerstëtzt eestëmmeg d' Fortsetzung vun dem Projet

Punkt 2 : Éischten Relevé iwwert den Zoustand vun de Gemengeweeër

An dësem Punkt gouf a gëtt an den nächsten Reuniounen iwwer verschidden d' Feld- a Bëschweeër an der Gemeng geschwat.

Wärend der Diskussiounen ass den Zesummenhang mat der "**Doucer Mobilitéit**" e puer Mol ervirgehuewen ginn. Héi déi wichtegst Punkten dozou:

- Am haitegen Verständnis hunn dës Weeër net nëmmen e Land- oder Bësch-wirtschaftlechen Notzen. Haut schonn, mee a Zukunft ëmmer Méi, sollen dës Weeër fir ëmweltfrëndlech Deplacementer, zou Fouss oder op zwee Rieder zur Verfügung stoen. Duerfir mussen se "fit" sinn, d.h. an engem Zoustand sinn a bleiwen, dat de Benotzer sech anstänneg a sécher dorops deplacéieren kann.
- D' Verbindungen tëschent verschiddenen Weeër lafen munchmol iwwer Stroossen, souwuel CR- oder National, wou am Prinzip 90 Stonnekilometer erlaabt sinn. Dat ass extrem geféierlech fir Leit déi ze Fouss oder op Vëloen ënnerwee sinn, zemools well déi Stroossen net ëmmer breet sinn, a keng Fouss oder Vëlo Pisten op de Säiten hunn. Konsequent missten duerfir niewent dëse Stroossen Weeër ugeluecht ginn fir d' douce Mobilitéit weider ze bréngen.
- D' Beschëlderung fir déi douce Mobilitéit muss nach vill méi ausgebaut ginn. Aktuell besteet nach net vill. D' Arlette huet dorops higewisen.
- Et wier e kloren Atout fir déi eenzel Weeër so ze verbannen dat een e ganzen **Tour ëm déi jeeweileg Dierfer** maachen kënnt. (Gilles)

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 31/01/2022

1. <u>Wee vun Téinten op Gräisch (rout) oder Lesbesch (bloe) am Beräich Téitert.</u>



Wéi een un der oranger Linn geséit läit de Gros vun dëse Weeër op Habschter Terrain. Si ginn nom Zoustand ze beurteelen nëmmen landwirtschaftlech genotzt. Si géifen sech awer gutt eegenen fir op Gräisch oder Lesbesch ze kommen ouni iwwer d' Landstroossen ze fueren. Dat géif quasi nëmmen d' Gemeng Habscht betreffen. Am Kontakt mat hinnen kann een iwwerpréiwen ob dat Sie iwwerhaapt interesséieren kënnt.

2. <u>Beräich GSM Antenne laanscht Sëller Strooss am "Wanteschuecht"</u>

Déi giel markéiert Weeër, déi zumindest nach am Geoportail existéieren, sinn an engem schlechten Zoustand an zum engem grouss Deel schonn iwwerplout a lafen duerfir matzen duerch d' Felder. Ouni Besëtzrechter ze kennen ass mat de Baueren zesummen z' iwwerpréiwen wéi een dat kann retabléieren, esou wéi et am topografesche Plang ënnen agedroen ass.



Hei geséit een am Ënnerscheed zur Andeelung am Satellitten Plang, dat Weeër tëschent de Parzellen duerchlafen a kloer getrennt sinn.

Helperknapp, 31/01/2022

3. Geiferwee bis zum Waasser Reservoir (ouni Bild)

De Wee ass plazeweis schlecht, z.B. op der Héicht vun den Ställ, awer och um Niveau Heedemier beim Bëschelchen. E Projet ass am lafen fir vum Waasserhaischen bis op Téinten erof eng nei Waasserleitung z leeën. An dem Kader wäert de Wee dann och sanéiert ginn.

4. Huelmeser Strooss vun der Deponie bis zum Kräiz



Spadséiert een vun der Ueleschterstrooss laanscht Deponie an Richtung Kräiz (vis-à-vis vum Agaang zum Schlass vum Groff), da muss een iwwer Strooss dohinner goen. Vitesse fir Gefierer ass hei 90kmh. Heiansdo geet och méi schnell. Strooss ass relativ schmuel a fir z.B. fir Foussgänger geféierlech. An dem Sënn wier et flott wann op den 200m ee Spadséierwee op der anerer Säit vun de Beem géif verlafen. Do misst Gemeng mam Proprietär vum Terrain schwätzen fir ze klären op hien esou e Projet kënnt ënnerstëtzen.

5. N22, Strooss vun Béiwen op Bissen am Beräich Viichtbach (gréngen Abschnitt an der Kaart)



D' Verbindung tëschent de ländleche Weeër leeft hei iwwer d' Strooss. Déi ass net breet op dëser Plaz a geféierlech fir Foussgänger well d' Vitesse fir d' Autoen 90 kmh ass. E neie Wee misst ugeluecht ginn, woubäi awer Gemengen Bissen an Helperknapp betraff sinn, wéi och Proprietären vun den Terrainen. Ausserdeem ass d' Strooss héi iwwerhéicht an et brauch een eng Bréck fir iwwer d' Viichtbach. Op der Kaart sinn verschidden Usätz méiglech, laanscht d' Strooss (awer méi déif) oder duerch d' Feld a Richtung Betzemillen / Atert op de besteeënden Wee hin.

Helperknapp, 31/01/2022

6. Trëppel-, Spadséierwee vun Brouch op Bëschdref laanscht CR 112

E flotten Spadséierwee, ideal gemaach fir eng douce Mobilitéit tëschent den zwou Uertschaften. Leider gëtt ëmmer nach de rouden Abschnitt, wou een muss iwwer Strooss lafen. Et gesäit esou aus dat d' Eegentemer vum Terrain dat net wëllen?

Am Geoportail Plang ass de Wee sichtbar um Satellitten awer net am topografesche Bild. Dat muss iwwer de Kadaster korrigéiert ginn.

7. CR112 vum Feldwee laanscht Biischterwiss Richtung Téinten bis zum Haff Schmit



Op dem Deel vun der Stréck muss een iwwer déi vill befueren Strooss goen, an d' Automobilisten sinn net ëmmer lues ënnerwee, och net wa Foussgänger um Säite Rand ginn. Héi kënnt een lénkerhand ee Wee uleeën. Den Terrain mam Bëschelchen laanscht Strooss gehéiert der Natur an Ëmwelt Asbl a gëllt als Biotop. Fir d' Natur ze respektéieren kënnt ee jo e Wee aus Holz uleeën, eng ideal Léisung fir den Biotop ze schützen an déi douce Mobilitéit ze promovéieren. Gemeng misst Natur&Ëmwelt kontaktéieren.

8. Openthalt, In den Leyen (giele Punkt)



De Wee schéngt net an engem gudden Zoustand ze sinn, dat ass z' iwwerpréiwen.

Helperknapp, 31/01/2022

Punkt 5 : Divers

Den Serge huet iwwert **Mompech** bericht, wou Gemeng mat engem Projet amgaang wier, fir d' Kartografie vun hirer Landschaft z' ergänzen, andeem se mat hëllef vu Studenten mat enger digitaler GPS-Erfaassung markant Punkten beim Spadséieren festhalen. Dat wären z.B. Erënnerungskräizer, lokal Denkmaler, Bänken, Ënnerstänn usw.

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung gouf festgehal entweder fir de **3 Mäerz 2022 um 20h00** an der Koll, weiderhin ofhängeg vun eventuellen Covid Moossnamen.

WICHTEG: D' Dagesuerdnung ass fir gemeinsam, mat Hëllef vum "Geoportail", den Zoustand vun den Gemenge Feld- a Bëschweeër nach eng kéier festzehalen. D' Memberen sollten sech duerfir preparéieren an eventuell unhand vun z.B. Fotoen weisen wo Handlungsbedarf besteet. De Rapport doriwwer geet un Gemeng an un den techneschen Service, fir déi néideg Moossnamen anzeleeden.

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.